# <u>Discours de Marc Baum dans le cadre de la déclaration de gouvernement.</u>

Här President,

De Premierminister Luc Frieden huet gëschter bei sénger Regierungserklärung relativ am Ufank gesot, datt mer kéinten « houfreg sinn op eis Lëtzebuerger Demokratie », datt se « erëm gutt funktionéiert hätt… bei de Walen an no de Walen ».

Ech si mat där Ausso net averstanen.

Den 8. Oktober hunn 231.344 Walberechtegter e gültege Walziedel ofginn – bei ronn 660.000 Mënschen, déi an eisem Land liewen. Daat ass knapps méi wéi en Drëttel.
Vun de gültege Walziedelen sinn 47,91 % vun de Stëmmen op déi zwou Regiirungspartien CSV an DP erfall, also: <u>manner</u> ewéi d'Halschent vun de Stëmmen. An anere Wierder: Nëmmen 1/6 vun der Bevëlkerung huet hiert Vertrauen an hir Ënnerstëtzung deenen 2 Regierungspartien ausgedréckt.

Wann eng Regierung zu Lëtzebuerg ka forméiert ginn, mat esou wéineg populärem Support, dann hu mer en serieuxen Demokratiedefizit…
Da brauchen méi wéi je eng eeschthaft Diskussioun doriwwer, wéi méiglechst vill Bierger an eisem Land kënne matdecidéieren, wéi den 1. Pouvoir – also d'Chamber - zesummegesaat ass, aus där sech dann eng Regierung erausbilt. Als Lénk bleiwe mer der Meenung, datt dëst eng vun den zentralen Erausfuerderunge vun eiser Demokratie ass.

A wann dëst net geschitt – an dovunner hunn ech gëschter näischt héieren – da riskéiere mer, datt d'Parlament ëmmer méi u Credibilitéit a Legitimitéit bei de Leit verléiert, déi an eisem Land liewen, wunnen a schaffen.

Mee esouguer onoafhängeg vun der Fro vum Awunnerwalrecht, musse mer feststellen, datt zanter dem Enn vum 2. Weltkrich nach keng Regierungskoalitioun esou wéineg Stëmmen kruut ewéi dës: 47,9%.

Jo, et stëmmt: och déi viırescht Blo-Rout-Gréng-Regierung hat manner wéi 50% vun de Stëmmen, nämlëch 49,6%. Mee dës

prekär Situatioun huet sech zumindest och an der Sëtzverdeelung vun der Chamber erëmgespigelt, nämlech mat der knappst denkbarer Majoritéit vun 31 vu 60 Sëtz.

An elo? Lo hu mer 2 Regierungsparteien, déi nach eng Kéier 1,5% manner Stëmme kruten wéi Gambia, an déi awer iwwer konfortabel 35 Sëtz verfügen. Also: 1,5% manner Stëmmen bedeit 4 Sëtz méi? Mat manner Stëmmen nët méi 31 Deputéierten aus Majoritéit zu 29 aus der Oppositioun, mee elo 35 zu 25?!?

Här President,

“Something’s rotten in the state of Luxembourg”.

Wann déi onpopulärste Regierungskoalitioun aus de leschten 80 Joer iwwer imposant 35 Sëtz verfüügt, (an déi sech dann och nach an der Besetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen erëmspigelt), dann… léif Kolleginnen a Kollegen,
dann hu mer eng ausgewuesse **Kriis** vun der repräsentativer Demokratie ;

da spigelt d’Zesummesetzung vun der Chamber net nëmmen d’Bevëlkerung net erëm, mee se verzerrt esouguer déi politesch Kräfteverhältnisser, vun deenen, déi den 8. Oktober wiele gaange sinn;

dann brauche mer ganz dréngend eng fundamental Revisioun vum Walgesetz. Ganz einfach well d’Kompositioun vun der Chamber d’Walresultat net erëmgëtt a representéiert. An dat ass dat schlëmmst wat enger representativer parlamentarescher Demokratie geschéie kann.

Vun de Majoritéitsparteien hunn ech dozou de Moien näischt héieren, an och net vum Premier gëschter.
Waat ass och ze erwaarden vun deenen, déi vum System profitéieren? Eh bien, ech hätt mer zumindest erwaart, datt een sech net och nach selbstzefridden dohinner stellt, a behaapt, eis Demokratie géif gutt funktionéieren.

Mee dës Regierung soll sech awer an Uecht huelen, well Demokratie liewt net nëmmen an den Institutiounen, mee och an de Betriber, de Schoulen an op der Strooss. Eng onpopulär Regierung géif gutt drun doën, sech deem bewosst ze sinn.

Här President,

en änlech bedenklecht Demokratieverständnis hunn CSV an DP nom 8. Oktober un den Dag geluecht:
d'Koalitiounsgespréicher goufe gefouert, hannert den extrem zouenen Diere vum Sennenger Schlass. D'Press an d'Ëffentlechkeet hu misse biedelen, iergendeppes gewuer ze ginn a se si meeschtens mat Belanglosegkeeten (wéi super dach d'Stëmmung wier) ofgespeist ginn.

Et hat ee relativ séier den Androck, datt d'Politik vun der 'chape de plomb' nees Anzuch gehalen hätt.

A Rekordtempo stoung dunn eng nei Regierung, Ministeren an hir Ressorte si bekannt ginn, mee keng Spuer vun engem Koalitiounsaccord. Dee sollt, wier et nom Premier gaangen, der Chamber eréischt gëschter Mëtteg presentéiert ginn.

De Freud'sche Lapsus vum Xavier Bettel, deen op enger Pressekonferenz sot, et wielt een der Chamber den Accord

virenthalen, war finalement guer net esou wäit vun der Wourecht.

Huet déi virescht Regierung sech schon schwéier gedoën, der Ëffentlechkeet wichteg Informatiounen zoukommen ze loossen, esou huet een bei däser Konstellatioun den Androck, et wier een ëm Joerzéngten zréckgehäit.

Wat d'Ressortopdelung ugeet, esou kann een sech just wonneren, datt eenzel Ministeren fir Ressorte responsabel sinn, déi praktesch keen organesche Lien zoueneen hunn:

- Ee Minister ass fir Educatioun a Logement zoustänneg,
- een aneren fir Ëmwelt a Fonction publique,
- an en drëtt fir Verdeegung an Chancëgläichheet…

hei sinn Saachen beienee geprafft, déi net beienee gehéieren.
Eng Politik aus engem Goss gesäit anescht aus.

Dat selwecht gëllt fir d'Struktur vum Koalitiounsaccord: et fänkt u mat der Digitaliséierung, da kënnt d'Fonction publique, dann d'Aussepolitik, an esou weider an esou virun.

De Koalitiounsvertrag wierkt wéi e willkürlech zesummegewürfelte Koup vun zum Deel widdersprëchlechen Iddien. Mee virun allem feelt all Form vu Virstellung, wou eist Land a 5 Joër stoë soll. Vu sou enger Visioun huet och de Premier gëschter näischt gesot.

Mee, daat muss ee soën : et gëtt en däischter-schwaarze Fuedem, deen sech duerch alleguerten d'Kapitelen zitt:
déi, déi bis elo vum System extreemst profitéiert hunn, sollen nach méi profitéieren.

Déi Räich sollen nach vill méi räich ginn, an déi Aarm solle kucken, datt se eens ginn.

Dat ass de Résumé vum Regierungsprogramm vun CSV an DP.

________

Ugefaange mat der Steierpolitik:

déi ugekënnt **Steiermesüren** sinn zwar ganz vague beschriwwen. Mee den Text gëtt awer eng kloer Richtung vir : **d'Steierlaascht soll nach méi op d'Schëllere vun de schaffende Leit geluede ginn**. Daat, well d'Uewerschicht an d'Kapitalbesëtzer massiv

Kadoe versprach kréien, wärend fir déi schaffend Leit just en Trouschtpräis virgesinn ass.

Fir d'éischt zu de **Kadoen fir d'Uewerschicht**.
Wien sech eng Zousazpensioun leeschte kann, soll steierlech entlaascht ginn. Wien a Start-Up'en investéiert, soll steierlech entlaascht ginn.
Wie genuch Kapital huet fir a Miet-Wunnengen z'investéieren oder wie Wunnengen oder Terrainen ze verkafen huet, soll steierlech entlaascht ginn.
D'Transmissioun vum Patrimoine soll steierlech entlaascht ginn.
D'Manager vun der Finanzplaz (oder "Talenter" wéi se néierdéngs heeschen) sollen entlaascht ginn.
D'Firmebesëtzer solle steierlech entlaascht ginn duerch eng Baisse vun der Betribsbesteierung.
Bei de Kapitalsteieren soll d'Taxe d'abonnement erofgoen,
eng international Besteierung vun de Finanztransaktiounen soll verhënnert ginn, wärend d'Besteierung vum Kapitalverkéier duerch weider Steierkonventioune soll gedréckt ginn.

A wat ass den Trouschtpräis fir déi schaffend Leit?

Ma eng **Upassung vun der Steiertabell** un d'Inflatioun an Héicht vun 1,5 Indextranchen ab dem 1. Januar. Dat zousätzlech zu den 2,5 Tranchen, déi jo scho vum Parlament gestëmmt goufen.

Dës Mesüre kascht ronn 180 Milliounen an ass an der Essenz eng "tournée générale". Dat heescht jidderee kritt e bëssen eppes, woubäi déi héich Revenuen natierlech méi kréien, wéi déi kleng. Déi normal Léit mussen déi 180 Milliounen u Steiererliichterungen also och nach mat deene Räichen deelen.

Eenzege Liichtbléck aus enger sozialer Perpektive ass dee Saz am Accord, datt parallel dozou déi **kleng a mëttel Revenuen sollen entlaascht ginn** - an och datt en Abattement fir Beruffsufänger soll kommen.

Mee wat heescht dat genee an Zuelen? Nees en Trouschtpräis oder eng richteg Entlaaschtung? Sécher ass just, datt domadder keng strukturell Reform gemengt ass.

De Fazit ass eendeiteg : déi **strukturell Ongerechtegkeete** an eisem Steiersystem ginn net ugepaakt, se ginn am Géigendeel weider ausgebaut an zementéiert. …

D'Fro, déi säit Deeg duerch d'Editoe vun de Zeitungen an duerch d'Stammdëscher vun der Natioun geeschtert ass : "**Wie soll dat bezuelen?**".
Well vergiesse mer net, datt den Zentralstaat aktuell schonn en zolitten Defizitt opweist, an datt duerch steigend Defense- an Klimabudgeten d'Dépense viraussiichtlech weider erop ginn.

Net ze schwätze vun deene finanzpolitesche Risiken, déi an der Nott un de Formateur ernimmt goufen. Wou sollen also déi sëllechen honnerte Milliounen Euro hirkommen, déi dës Koalitioun lo zousätzlech un déi iewescht 10% an un d'Betriber verdeelt?

Tatsächlech gëtt déi Fro am Accord net wirklech thematiséiert. Et kann een se awer tëschent den Zeilen erausliesen. De Plang vun dëser Regierung ass, d'Wirtschaft ze boosten an de **Wuesstëm ze maximiséieren**, wat da soll fir nei Recette suergen.

Voodoo Economics aus den alen Zäite vum Neoliberalismus. Fir déi, déi sech an den 2000er scho fir Politik interesséiert hunn, ass dat Ganzt en desagreablen Déjà-Vu.

Een zentrale Fokus vun de wirtschaftlechen Iwwerleeungen vun dëser Regierung läit op der Entwécklung vun der Finanzplaz. An dat ass och net verwonnerlech, wann een dem Premier säi Werdegang e bësse kennt, virun allem nodeems en am Summer 2014 vun der Oppositiounsbänk an d'Londoner City gewiesselt ass.

Mir soe scho säit Joren: déi finanziell Ofhängegkeet vum lëtzebuerger Staat par rapport zur Finanzplaz ass problematesch a riskant.
Se ass demokratiepolitesch a moralesch problematesch,
an se ass riskant, well wann et nees eng am Finanzsystem eng Kéier ordentlech kraacht - an dat soll jo reegelméisseg virkommen - da kann dat fir eis fatal Konsequenzen hunn.

Soulaang wéi mer de Wuesstëm vun der Finanzplaz mat alle fairen an onfaire Mëttele maximiséieren, wäerte mir net aus der Ofhängegkeet vun der Finanzplaz erauskommen. Trotz aller Rhetorik iwwer Diversifikatioun. Dës Ofhängegkeet weider ze forcéieren ass net nohalteg an ass net responsabel.

Dat ass an eisen Aen awer kee Plang, mee eng **gewote Wett**. Donieft si mer net méi an den 2000er Joren. Et muss ee sech d'Fro stellen, wéi héich d'Wuesstëmspotential vun eiser Wirtschaft iwwerhaapt nach ass an dem aktuellen Ëmfeld. Et gëtt oft gesot, datt d'Potential vun der Finanzplaz wäitgehend ausgereizt ass an et wäert wuel kaum méiglech sinn, honnerten nei Groussbetriber unzesiedelen. Zemools och, well eis Infrastrukture fir bäi an hanne widder sinn.

Kee vun eis huet eng Kristallkugel fir ze gesinn, wéi sech déi international Konjonktur wäert entwéckeln. Et ka jo sinn, datt all déi aktuell Krisen sech an de nächsten Joer a Loft opléisen an d'Weltwirtschaft boomt wéi nach nie an d'Recette just sou spruddelen.

Mee... wat ass, wann déi Wett net opgeht? An dat ass d'Fro, déi ech direkt un den Här Premierminister riichten : **Wat ass de Plang B**?

Kënnt dann déi grouss Spuerpolitik oder vläit awer Steiererhéijungen?

Wann d'Finanzsituatioun sech dégradéiert, da wäert dës Koalitioun net zécken de roude Stëft erausshuelen. Ganz einfach well dat an hire politesche Gene läit.

______

Am Beräich **Logement** ass et net anescht. Déi déi hunn, kréie nach méi.  Groussgrondbesëtzer kënne sech mat Perimetererweiderungen eng gëlle Nues verdéngen, Privatpromoteure kréien ee Stéck vum Kuch vun den ëffentleche Gelder fir den Wunnengsbau.
Investoren, grouss wéi kleng, kréie Faveure gemaach, Bailleuren sollen nach méi geschützt ginn.
Fir déi « normal » Leit gëtt et manner konkret. Mat de Banke soll eng Kéier geschwat gi wéinst den Zënsen,
an Locatairë ginn de facto als Laascht fir d'Bailleuren bezeechent.
Vun der „subvention loyer" gëtt iwwerhaapt net méi geschwat.

D'Reform vum Bail à loyer ass keng Prioritéit méi a wann, da soll et éischter ëm de Schutz vun de Bailleuren goen. Op d'Locatairë wäert da wuel nach méi Repressioun duer kommen.

D'Regierung wëll och elo eng « offensive publique de construction de logements abordables » maachen, seet awer a

kengem Wuert, wéi dat zesummepasse soll mat enger Politik, déi ëffentlech Mëttel hëlt a se privaten Investoren nogeheit, fir dass déi bauen sollen.

Et richt staark dono, dass de Pacte Logement 2.0 – eng vun den éischter positive Reformen vun der Virgängerregierung – verwässert wäert ginn : Den Automatismus aus dem Gesetz respektiv de Prinzip ass hei a Fro gestallt wat d'Dier opmécht – fir Promoteuren awer och fir Gemengen – sech aus der sozialer Verantwortung ze zéien.

Quasi en échange kéim dann d'Propos fir eng Perimeter-Erweiderung op Käschte vun der Landesplanung an dem Schutz vun der Biodiversitéit.

Ëffentlech vs privat: där setzt den Haaptakzent am Kampf géint d'Wunnengsnout op d'Mobiliséierung vu Privatkapital. D'Wuertwal ass wichteg.

D'Regierung "**envisage**" d'Schafung vun enger cellule, déi de Gemengen hëlleft bei der Realiséierung vun ëffentleche Wunnengen. Par contre heescht et weider:

d'Regierung **r*enforcera*** *la collaboration entre l'État et le secteur privé pour la création de logements abordables.* De Privatsecteur

an seng Profitinteresse kréien alles zougeséchert. Den ëffentleche Secteur gëtt higehalen.

______

Als grouss Prioritéit ugekënnegt, ass d'**Aarmutsbekämpfung** just nach en Ënnerkapitel. Transversal ass se net, am Géigendeel, se ass just op de Revis limitéiert. Am Logement oder bei de Léin geet kaum riets vun Aarmut.

Dobäi ass et de **Loyer**, deen den Haaptaarmutsfacteur zu Lëtzebuerg ass.
An dobäi ass et de **Mindestloun**, deen zu Lëtzebuerg net duergeet fir anstänneg ze liewen.
Dat wat am Programm iwwer d'Bekämpfung vun der Aarmut steet, ass e schlechte Witz: d'Léisung läit ausschliesslech an der „simplification administrative". Et ass sécher sënnvoll eng Zort „guichet unique" fir sozial Demanden ze maachen, mee där gleeft dach nët am Eescht, datt der domadder strukturell de Problem vun där ëmmer wuessender Aarmut an de Grëff kritt.

Méi kloer Virstellungen huet di nei Regierung bei der Bekämpfung vun den Aarmen :

Déi Leit, déi de Revis bezéien, sollen verstaärkt aktivéiert ginn, heescht et am Koalitiounasccord. Mee ganz vill Revis-bezéier gi schaffen. Just, datt hire Revenu net duergeet, fir sech oder hir Famill duerchzebréngen. Ech froën Iech also: Wat der Deiwel wëllt där do nach aktivéieren?!?

Wann ee wierklech wëllt géint d'Aarmut virgoen, da mussen d'Léin strukturell an d'Luucht goen, ugefaange mat dem niddregsten, dem Mindestloun. Mee dat schléisst des Regierung ausdrécklech aus.

De Revis gëtt net strukturell erhéijt, well och de Mindestloun net gehéijt gëtt. Dat eenzegt wat den Accord seet ass, dass et reegelméisseg eng Upassung soll ginn un d'Loun- an d'Präissentwécklung. Dat ass awer nu näischt Neies, mee gängeg Praxis zanter Joerzengten. Solle mer eis lo freeën, datt der dat nët ofschaaft.

Dass dëse Koalitiounsprogramm dee vun den ieweschten 10% ass, zitt sech och duerch d'Kapitelen **Aarbecht a Sécurité sociale.** Déijéineg déi aner Leit fir sech schaffe loossen an domadder hir Sue verdéngen, kréie vill versprach. Fir déi grouss Majoritéit, déi

muss schaffe goe fir hiert d'Liewen ze verdéngen, gëtt häerzlech wéineg geschriwwen.

Den Index gëtt zwar net tel quel ofgeschaaft, mee den Automatismus besteet just nach bei niddreger Inflatioun. Esoubaal méi wéi eng Tranche erfällt, sollen d'Sozialpartner zesumme kommen, an negociéieren, wéi et dann lo viru geet. E Schéi-wierder-Index also. Dëst ass näischt anescht wéi e strukturellen Ugrëff op den Index.

De Fraktiounsspriecher vun der CSV huet de Moie gesot, datt mer e staarkt Aarbechtsrecht bräichten. Jo, do huet e Recht, mee an dësem Accord steet de Géigendeel dran. D'Aarbechtsrecht gëtt duerchlächert an flexibiliséiert zu Ongonschte vun de Salariéën.

D'Regierung wëll d'Sonndesaarbecht komplett liberaliséieren. D'Annonce den 8-Stonnen-Dag op Sonndeger anzeféiere bedeit, dass d'Fräizäit an d'Familljeliewen a ville Fäll op den absolute Minimum reduzéiert ginn.

An hei wëll ech e bedeitenden CSV-Politiker zitéieren: *„Mir solle Rücksicht huelen op déi Salariéën, déi Famill a Kanner hunn, op*

*déi Leit, déi an de Veräiner aktiv sinn, op déi Leit, déi de Sonndeg brauche fir opzeotmen. Ech wëll keng Gesellschaft, wou déi eng mat hiren Enkele Sonndes akafe ginn an d'Kanner vun den Elteren, déi schaffe mussen eleng doheem sëtzen. Ech wëll dat net. Et kënnt zu kenger weiderer Ausweidung vun der Sonndesaarbecht. Net esou laang ech eppes hei am Land ze soën hunn*."

Dëst huet de Jean-Claude Juncker 2008 hei an der Chamber gesot.

Datt de Jean-Claude Juncker näischt méi am Land ze soën huet, wësse mer. Mee datt hien – a mat him de ganze soziale Fligel - och näischt méi an der CSV ze soën huet, dat ass nei.

Mer hunn et am Sozialen net mat engem neie Luc ze dinn, mee mat engem ale Luc. Dat wat nei ass, ass d'CSV, déi opgehalen huet Sozialpolitik ze maachen.

CSV an DP kommen och der Demande vum Patronat no fir géint den Absentéismus virzegoen. Hei gëtt direkt vun Abus geschwat an d'Salariat ënner Generalverdacht gestallt. Dobäi weise sëllegen Etüden wat d'Grënn fir gesondheetlech Problemer sinn : Stress, Drock, permanent Connexioun, ëmmer méi Flexibilitéit, déi vum Salarié gefroot gëtt.

Mee genee an dës Richtung soll et weider goën: d’40-Stonnewoch soll net méi d’Regel sinn, mee just nach e Prinzip. Sou steet et schwarz op wäiss am Koalitiounsaccord.

Eng geféierlech Individualiséierung bei der Aushandlung vun de Schaffhorairen gëtt annoncéiert. Mat der Annualisatioun vun de Schaffstonne kritt de Patron d’Méiglechkeet, d’Aarbecht vun de Salariéen no sengen eegene Wënsch ze flexibiliséieren.

________

Am Fall vun engem Defizit bei der CNS si Cotisatiounserhéijungen oder eng Entplafonnéierung d’office ausgeschloss. Den Equiliber soll vill méi iwwer eng sougenannten Epuratioun vun der prise en charge vun der CNS goen. Iwwersat heescht dat : manner prise en charge vun der CNS, déi Räich kënne sech privat versécheren, déi aner hate Pech.

Iwwer d’Pensioune verléiert den Accord ganz wéineg Wierder, mee och hei verstoppt sech e Problem: Betribs- a Privatversécherungen sollen iwwer steierlech Erliichterunge promouvéiert ginn. Anescht ausgedréckt : Leit, déi et sech leeschte kënnen, solle sech méi Rent kënne sécheren wéi déi aner, mee et sinn awer déi aner, déi d’Steiererliichterungen iwwer de Staatsbudget dierfe matfinanzéieren.

Wat dëse Programm bei der Sécurité sociale undeit, zitt en am **Kapitel Santé** duerch: d'Privatiséierung vun eisem ëffentlech finanzéierten, universelle Gesondheetssystem gëtt weider verstäerkt virugedriwwen.

Ginn et net genuch katastrophal Beispiller aus dem Ausland, aus eisem Nopeschland Frankräich, aus Italien an iwwerhaapt uechter d'Welt vun Ausfäll vum Gesondheetssystem an Zäiten vu Corona. Waren et net déi liberaliséiert Gesondheetssystemer wou d'Profit-Logik zum Ofbau vun de Better an de Spideeler gefouert huet? déi Länner, déi am meeschten mat der Pandemie ze kämpfen haten?! Wat fir Lektiounen zitt dës Regierung dorauser? Keng.

Soulaang d'Salariatsmedezinn net verstäerkt vum Staat valoriséiert gëtt, kann se der Konkurrenz vun der liberaler Medezin net standhalen. Eng Entkopplung vu Spidoolsmedezin an Privatmedezin bedeit den Ufank vum Enn vun eisem ëffentleche Gesondheetssystem.

Déi verstäerkten Auslagerung vun Spidoolsaktivitéiten a privat Cabineten oder bei de Patient heem, bréngen vläicht net

automatesch mat sech, dass de Patient méi Käschten huet, mee et bedeit awer eng Explosioun vun de Käschte fir d'Krankekees.

Dës Koalitioun steet stellvertriedend fir eng Elitt, déi sech weltoppen a liberal am klassesche Sënn gëtt , déi gebilt ass, déi Kapital besëtzt. Eng Elitt, déi sech ëmmer erëm den Uschäi gëtt individuell Fräiheeten ze verdeedegen am Numm vum Progrès an der Prosperitéit. Mee si sinn déi eenzeg, déi vun dëse Fräiheeten profitéieren: Congé parental, Baby Years, Aarbechtszäitflexibiliséierung, Sonndesaarbecht, Retour op den Invest a Locatiounswunnengen fir déi déi et sech leeschte kënnen asw.

Och den **Ëmweltschutz an d'Energietransitioun** ënnerleien der Maartlogik: alles waat rentabel ass, woumat Suen ze verdéngen sinn, gëtt vun dëser Regierung ënnerstëtzt a gefördert, wéi zum Beispill den Ausbau vu grousse lukrative Wandanlagen.
Par contre gëtt de klasseschen Emwelt- a Naturschutz, d'Protektioun vun der Biodiversitéit an och den Denkmalschutz als onnéidegen Obstacle duergestallt. Do kënnen d'Baggeren da rullen an alles platt maachen, well domadder loossen sech jo keng Sue verdéngen.

Hei gëtt perverserweis Naturschutz géint de Klimaschutz ausgespillt, genee esou wéi de Logement géint den Emweltschutz ausgespillt gëtt.
Daat doten ass keng pragmatesch Politik, mee en Retour an d'Vergaangenheet.

Här President,

Wat bleift an esouenger Weltanschauung deenen déi net vill hunn? Repressioun, sozial Keelt, Veruechtung.
Fir Sans-Abrisen gëtt ët elo ee „richtege" Platzverweis.
DPIen kënne legal exploitéiert ginn, ier se rëm Heem geschéckt ginn,
krank Leit kréien Abus virgeheit an de Staat wäert géint si virgoen,
virun de Locatairë mussen d'Bailleure geschützt ginn.
Kuerz: Law and Order, fir déi do ënnen. An ëmmer manner sozial Responsabilitéit, fir déi, déi mam gëllene Lëffel op d'Welt komm sinn.

Trickle down economics sollen et riichten. All déi déck Stécker vum Kuch, déi déi Räich kréien, wäerte scho genuch Grimmele

produzéieren fir d'Plebs iergendwéi roueg ze halen. Esou déi wirtschaftsliberal Theorie, déi dësem Koalitiounsaccord zu Gronn läit, an déi iwwerall vun der Realitéit widderluecht goufen.

Dëse Koalitiounsaccord ass eng Gebrauchsuweisung fir d'sozial Inegalitéiten zum explodéieren ze brengen.

Gambia ass virun 10 Joer ugetruede fir d'Fënsteren grouss opzerappen. Se huet se awer just op Kipp gesaat, esou datt d'Hëtzt zwar eraus gaangen ass, mee et kaum Loftaustausch gouf.

Lo hu mer CSV an DP. D'Fënster ass nach ëmmer op Kipp, an alles wat déi zwou Parteien maachen, ass d'Rollueden erofloossen.

Lo ass et nët nëmme kaal, mee och däischter.